
# ALSTAD NEWS

## ENG ZUKUNFT FIR ONS VERGAANGENHEET



COMITE ALSTAD

**NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD** **27/2018**



De Comité Alstad hat 23 Joer laang säi Sëtz am "Konschthaus Beim Engel" op N° 1 an der Logegaass. Mir wore frou do, a soen dem Kulturministère e ganz grouse Merci, datt mir esou laang konnten do am Intressi vun der Alstad schaffen.

Elo hu mer awer misse Plaz man fir déi nei Büroe vum Focuna.

Mat der Hëllef vun der Stad Lëtzebuerg huet de Comité Alstad en neien Ënnerdaach fonnt: mir wëllen net vergiessen, fir dofir vun dëser Plaz e grousse Merci ze soen.

Mee wou fannt der ons dann elo? Mir sinn net weit ewech, eng 100 Meter vun der Logegaass ewech.

Onse Büro ass vun elo u mat 4 anere kulturelle Vereiner am fréiere Paschtoueschhaus vu Sankt Méchel, vis-à-vis vum Staatsrot op

N° 14 an der Siegfriedstrooss um Fëschmaart

Eng Permanence hu mer all Méindes, ausser de Feierdeeg, vun 09:00 Auer muerjes bis 12:00 Auer Mëttes. Et ass och méiglech, e Rendez-vous mat ons ze fixéieren.

Mir freeën ons op Äre Besuch



# Léif Frënn vum Comité Alstad!

*Guy Jourdain*
*PRESIDENT*



Geschwënn geet erëm e Joer zu Enn, an dat ass och den Ament fir eng nei Editioun vun onsen AlstadNews. Wéi dir konnt feststellen, gouf et am Comité Alstad dëst Joer nach e puer aner Ännerungen:

Fir d'alleréischt gouf de « conseil d'administration » erneiert. De laangjährege President Jean-Mathias Goerens huet mir d'Fakel iwwerginn, fir de Comité Alstad an déi nächst Joeren ze féieren. Als klenge Merci fir déi vill geleeschten Aarbecht gouf dem Jean-Mathias Goerens den Titel Éirepresident zouerkannt.

Am Laf vum Joer konnt de Comité Alstad ënner anerem och eng Initiativ realiséieren, déi 2014 vu mengem Virgänger virgestallt gouf: nämlech um Wee vum Bock bei de Palais eng Serie Plakken an deen neien Dallage aleeën ze loosse mat Nimm a Joereszuelen, déi un déi iwwer 50 fréier Souverainë vum Land, vum Siegfried bis bei de Grand-Duc Jean an de Palais opmierksam maache sollten. Leider konnt dee Projet net esou ausgefouert ginn, mee et wor den Ausgangspunkt fir d'UNESCO-Promenade, déi am Laf vum Joer konnt viirgestallt ginn an Zesummenaarbecht mam Comité Alstad.

Ze ernimme bleift och d'Zesummenaarbecht mat der Lëtzebuerger UNESCO-Commissioun, fir d'Éimaischen op d'Lëscht vum immaterielle Kulturiewen ze setzen. Och ass mat der Hëllef vum Fonds culturel a villen Donateuren, dem Service des Sites & Monuments Nationaux, an der Stad Lëtzebuerg, d'Restauratioun vum Auerwierk vun der Méchelskierch ugelaf. An e puer Wochen ass d'Auerwierk prett fir aus dem Atelier Jungblut an der Fleeschiergaass nees zréckgeplënnert ze ginn an d'Méchelskierch.

An nach ass d'Joer nët eriwwer: Enn des Joers kënnt d'Présentatioun vum restauréierten Auerwierk an der Méchelskapell vun Dominikaner, d'Virstellung vun engem neie Fotoband « Lëtzebuerg, d'Alstad gëscht an haut », dee fir d'Walfer Bicherdeeg am Verlag Schortgen erauskënnt a, wéi dir op den nächste Säite liese kënnt, als « Chrëschtdagseditioun 2018 » e Plang vun der Stad Lëtzebuerg aus dem Joer 1890 vum Jean-Pierre Biermann.

Als Héichpunkt vum Joer plënnert dann de Comité Alstad endlech, no méintelaangem Waarden, a säin neie Siège am fréiere Paschtoueschhaus, vis-à-vis vum Staatsrot um Fëschmaart !


Och fir dat nächst Joer gëtt et schonn eng Rei konkret Projeten: e Concert vun der Militärmusek mat Wierker vum Paul Albrecht, Fernand Mertens, Albert Thorn an Norbert Hoffmann, alle véier Dirigente vun der Militärmusek ënnert dem Règne vun der Grande-Duchesse Charlotte. Dëse Concert soll un den 100. Joeresdag, wou d'Grande-Duchesse Charlotte (1919-1966) op den Troun komm ass, erënneren. Och ass eng Konferenz vum Historiker a Member Jean-Marie Majerus zu dësem Gedenkdag ugeduecht.

Am Fréijoer ass d'Publikatioun vun enger handlecher Broschür iwwert d'UNESCO Promenade, mat Beschreiwung vun de Festungswierker an de Stroossen a Gebaier aus der Alstad virgesinn.

An deem Sënn : elo schonn, wann och e wéineg fréi, schéi Feierdeeg an e gudd

**NEIT JOER 2019 !**

Äre Comité Alstad




**44.-**
**euro**

# Lëtzebuerg - Ons Alstad gëscht an haut

*Fir säin 80. Anniversaire hat sech de Comité Alstad viirgeholl, en neit Buch mat Fotoen vun der Alstad am Zeitvergleich, erauszegin. Leider hun d'Ëmstänn nët erlaabt, fir dës Publikatioun nach am Joer 2018 färdeg ze kréien. Ëmsou méi frou si mir dofir elo endlech dëst Buch kënne viirzestellen.*

*An den Editions Schortgen koumen zënter 1994 schon eng Rei Bicher mam Titel "Lëtzebuerg am Zeitvergleich", an Zesummenarbecht mam JP Fiedler vun der Stater Phototéik eraus.*

*Wéi huet d'lëtzebuerger Alstad fréier augesin, wat huet sech, a wéi, am Laaf vun de Joere verännnert ? An dëser Publikatioun mat ronn 150 Säiten, enger Zeitreess an d'Vergangenheet vun der Alstad, kréien och déi méi jonk Generatiounen d'städtebaulech Entwécklung an Erënnerung bruecht. A Buchform kan een duerch d'Verglaichen vun aalen an neien Opnahmen feststelle, wat sech am Stadbild geännert huet.*

*Un Hand vun 150 neie Bildverglaicher entdeckt een op enger fotografescher Promenade d'Alstad am Wandel vun der Zeit.*

*Bestelle kann een Buch beim Comité Alstad duerch Iwwerweise vun* **44,00 €** *(+ 6,00 € Porto, da kënnt Buch um Postwee bei iech heem) wann dier op ee vun onse Konten:*

*bei der Spuerkees:* **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000**
*oder Postscheck:* **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000**
*oder bei der* **BGL-BNP Paribas: IBAN LU19 0030 7564 6694 0000**
***(mam Vermierk: Lëtzebuerg - Ons Alstad gëscht an haut)***

*Ofhuele kann ee awer och säi bestallten a bezuelte Buch vu Méindes, den 3. Dezember bis Samschdes, den 8. Dezember 2018 beim Comité Alstad : 14, rue Sigefroi, L-2536 Lëtzebuerg am fréiere Paschtoueschhaus vu Sankt Méchel (vis-à-vis vum Staatsrot) vu muerjes 09:00 Auer bis 12:00 Auer*

# Le presbytère et la sacristie de l'église Saint-Michel : une construction néogothique réalisée en 1888

*Isabelle Yegles-Becker*

## Description architecturale

Implantés à l'entrée de la vieille ville de Luxembourg, le presbytère et la sacristie attenantes à l'église Saint-Michel forment le pendant architectural du Conseil d'État. Mais leurs styles architecturaux ne peuvent pas être confondus. L'un affiche la modernité, l'autre l'historicisme du XIX[e] siècle.

Composé de deux corps de bâtiments, à savoir le presbytère à gauche et la sacristie installée le long de la rue dans le prolongement de la nef de l'église, les parties basses sont imbriquées tandis que les différentes pentes des toitures sont isolées et s'intègrent parfaitement dans le jeu mouvementé de la silhouette de la vieille ville. Celle-ci se caractérise en effet de toitures plutôt raides et pointues.

Au milieu, un corps carré forme une tourelle grâce à sa toiture à quatre versants qui pointe vers le ciel. Du côté vallée, les fenêtres lucarnes à fleur avec le mur de façade affichent des dimensions plus importantes que les traditionnels chiens assis. A côté, la façade pignon avec sa toiture à deux versants comporte au niveau de la corniche un décor en gradin, qui rappelle les maisons gothiques et renaissance en Europe du Nord, particulièrement la région flamande nous vient à l'esprit. Ce détail se répète au niveau de la façade de la sacristie, qui possède un pignon à échelons (dt. Staffelgiebel, Treppengiebel), ce qui est plutôt rare à Luxembourg. Les ouvertures forment une autre particularité. Les menuiseries des fenêtres s'intègrent dans un encadrement en pierre de taille, élaboré en formes gothiques. Côté sacristie, les fenêtres sont surmontées d'un décor trilobé tandis que le presbytère comporte des fenêtres qui



possèdent dans la partie supérieure un décor en arcatures brisés en série.

Ce type d'encadrement rappelle les formes utilisées généralement au niveau des mâchicoulis ou des corniches. Cette particularité est assez rare et confère une note individuelle au presbytère. Dans son ensemble les deux constructions imbriquées rappellent les petites villas en bordure des villes qui sont en essor durant la seconde moitié du XIX[e] siècle.

## Histoire de la construction

L'église St-Michel comporta une sacristie de taille assez réduite adossée au cœur de l'église dans la partie sud. Après le démantèlement de la forteresse, suite au traité de Londres de 1867, les aménagements publics et privés concernent certains réaménagements architecturaux en lisière de la vieille ville. Un chemin accessible au public que nous appelons « corniche » est aménagé au niveau de l'ancien chemin du rempart. Le bastion du Bock est démantelé et transformé en plateforme panoramique verte et arborée. Contre l'ancienne





maison Zorn, située jadis à l'emplacement du Conseil d'Etat, le propriétaire Werling se fait construire une petite annexe prenant les traits d'un châtelet classique de style français muni d'une tourelle et d'une échauguette.

A cette époque, le curé-doyen de l'église Saint-Michel Bernard Hall qui prend la succession du curé Ambrosy Bernard, décédé en 1876[1] fait une demande de construction, adressée le 15.5.1886 au collège des bourgmestre et échevins de la ville de Luxembourg, en faveur de la construction d'un presbytère à l'emplacement de l'ancienne sacristie.

Le collège charge l'architecte Antoine Luja, architecte de la ville à faire dresser un projet et d'établir le cahier des charges. Le projet est réalisé en concertation avec le curé doyen Hall, qui déclare vouloir contribuer financièrement à la réalisation du presbytère et qui affirme d'assurer la direction et le financement intégral des travaux concernant la construction d'une nouvelle sacristie attenante. Il n'est pas précisé dans les archives de la ville dans quelle mesure le financement est liée à la paroisse ou à la personne privée de Hall.

Le collège échevinal, en présence du bourgmestre Servais, de l'échevin Larue, des conseillers Mousel, Siegen, Joris, Wittenauer, Ettinger, Dubeux, Warisse, Ruppert, Knaff, Martha et Simonis arrêtent le projet de l'architecte de la ville le 1 mai 1886 en accordant un budget à hauteur de 29 000 fr. pour la construction d'une maison à deux étages, destinée à servir de maison curiale pour y loger trois personnes. Le directeur général de l'intérieur, Henri Kirpach, donne son accord le 20.5.1886. La sacristie existante est démolie en juin et ses pierres sont mises de côté en vue d'être réutilisées sur place. L'étape suivante est la validation du cahier des charges de Luja par l'administrateur général de l'intérieur le 13.7.1886, alors que l'autorisation de la part du Directeur général des travaux publics Eyschen définit l'alignement de la sacristie par rapport à l'église au même moment.

Les soumissions publiques concernant la construction du presbytère comportent seulement deux lots. Le lot 1 concerne toute la construction, le gros-œuvre ouvert, la toiture et les revêtements en pierre ou en céramiques et la fourniture des techniques dans son ensemble tandis que le lot 2 comporte exclusivement la partie menuiserie, ce qui devrait inclure les menuiseries extérieures et intérieurs, les sols en bois et l'escalier en bois.

Le collège examine les propositions de prix lors de la séance du 15.7.1886 en attribuant le lot 1 à François Henkes et fils, entrepreneur de la basse Pétrusse, qui propose un rabais de 11 % par rapport au devis arrêté. Le lot 2 est attribué également au moins offrant, c.à.d. à Jacques Bourger qui propose un rabais par rapport au devis fixé à hauteur de 16 %. La réception des travaux est réalisée en janvier et février de l'année 1888 par l'architecte de la ville Antoine Luja, qui marque aussi l'achèvement des travaux de construction du presbytère. En ce qui concerne la construction de la sacristie, les archives municipales ne fournissent pas d'indications précises puisque le financement n'est pas réalisé par la municipalité. Un courrier permet toutefois de situer l'achèvement de la sacristie au même moment, donc en 1888, puisque le paiement pour travaux de raccordement est couvert à ce moment par un subside alloué au curé Bernard Haal.

A travers les photos anciennes on comprend bien que l'entrée de la ville à la seconde moitié du XIXe siècle refléta le style de l'historicisme :
à droite la villa Werling affiche un style français XVIIe mélangé au langage médiéval de l'échauguette et de la tourelle d'escalier tandis que s'affirme le style néogothique du presbytère et de la sacristie. On peut avancer qu'on est face à un bâtiment qui prend la forme d'un petit hôtel particulier au style ostentatoire affirmé. C'est un beau bâti de belle qualité, grâce à la présence de la pierre de taille qui s'intègre parfaitement dans la vieille ville de Luxembourg.

[1] *Rupprecht, logement militaire, p. 75*

*Source: archives de la Ville de Luxembourg, LU 11-IV/1 :1247*




# Plang vun der Stad Lëtzebuerg aus dem Joer 1890

*De Jean-Pierre Biermann, gebuer de 15. Dezember 1842 zu Klierf, gestuerwen den 3. Juli 1908 an der Stad Lëtzebuerg, war en Architekt an Historiker. Hien huet Guiden a Pläng iwwer d›Stad Lëtzebuerg erausginn. De Comité Alstad bidd Iech elo fir déi kommend Feierdeeg vum Joeresenn e Faksimile u vum Stadplang "Luxembourg en 1890", am Originalformat 49 x 52 cm. D'Original gëtt am Musée um Fëschmaart versuergt.*

*Dir kënnt de Plang bestellen:* **1. zum Präis vun 30,00 €,** *wann Dir e selwer bei ons ofhuelt.* **2. zum Präis vun 35,00 €,** *wann Dir e wëllt mat der Post heem geschéckt kréien.* **3. zum Präis vun 320,00 €,** *agerummt (Bild 1 - Passe-partout biseauté 6,5 cm, Holzkader,loup noyer, Récksait Karton, an Antireflexglas).* **4. zum Präis vun 380,00 €,** *agerummt (Bild 2 - Passe-partout biseauté 6,5 cm, Holzkader : argent antique, Récksait Karton, an Antireflexglas).*





*Bild 1*





*Bild 2*

*Bestelle kann een de Plang beim Comité Alstad duerch Iwwerweise vun der entspriechender Zomm op ee vun onse Konten:*

*bei der Spuerkees:* **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000**
*oder Postscheck:* **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000**
*oder bei der* **BGL-BNP Paribas: IBAN LU19 0030 7564 6694 0000**

***(mam Vermierk: Stadplang 1890)***

*Et sief awer och nach bemierkt, datt de Stadplang aus dem Joer 1890 an enger begrenzter Oplag erauskënnt an och numerotéiert ass. Bei all Plang leit eng Etiquette mat deenen néidegen Explikatiounen, déi ee, wann de Plang agerummt ass, kann hannen drop pechen.*

*Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Stadplang vu Méindes, den 3. Dezember bis Samschdes, den 8. Dezember 2018 beim Comité Alstad 14, rue Sigefroi, L-2536 Lëtzebuerg am fréiere Paschtoueschhaus vu Sankt Méchel (vis-à-vis vum Staatsrot) vu muerjes 09:00 Auer bis 12:00 Auer*

***Wann Dir nach op der Sich sidd no engem schéine Cadeau fir Famill oder Frënn fir déi kommend Feierdeeg, da wier de "Plan de Luxembourg en 1890" vum J.P. Biermann vläicht eng gutt Iddi.***



# 1919 - 2019

## Donneschdeg, de 17. Januar 2019

**18:00 Auer**

invitéiert de Comité Alstad an de Musée vun der Geschicht a Konscht um Fëschmaart, op eng Konferenz

"Virun 100 Joer koum d'Grande-Duchesse Charlotte op den Troun".

D'Konferenz ass a Lëtzebuerger Sprooch.
Conférencier ass den Historiker,
de Professer Jean-Marie Majerus.

**Den Entrée ass frei.**

## Freideg, den 18. Januar 2019

**20:00 Auer**

invitéiere mir Iech an
**d'MÉCHELSKIERCH UM FËSCHMAART
OP E CONCERT MAT DER MILITÄRMUSEK,**
fir un deen Dag ze erënneren, wou d'Grande-Duchesse Charlotte virun 100 Joer op den Troun koum. Um Programm sti Wierker vum Fernand Mertens, Pol Albrecht, Albert Thorn a Norbert Hoffmann. Alle véier wore si Chef vun der Militärmusek während dem Règne vun der Grande-Duchesse Charlotte. D'Militärmusek steet ënnert der Direktioun vum Lieutenant-Colonel Jean-Claude Braun.

**Entrée: 20,00 €**
**Jugendlecher ënner 21 Joer : 5,00 €**

***Réservéire kënnt Dir elo schonn um Telefon 466188 oder op der Faxnummer 409750, oder***







Déi ganz Equipe vum Comité Alstad
wënscht Iech ganz schéi Chrëschtdeeg
an e gudde Rutsch an Joer 2019

**Comité Alstad a.s.b.l.**

Siège : 14, rue Sigefroid • L-1945 • Boîte postale 1325 • L-2536 Luxembourg
Téléphone : (352) 46 61 88 • Fax : (352) 40 97 50 • E-mail : comite.alstad@pt.lu • www.comitealstad.lu

De Comité Alstad fillt sech verantwortlech, Är Daten beschtméiglech ze protegéieren. Doweinst wëlle mir Iech matdeelen, datt mir folgend Informatiounen an eiser Base de Données späichere kënnen (souwäit vun Iech uginn): Ären Numm • Är Adress • Är Email-adress • Är Telefonsnummer(en) Dës Daten ginn ausschliisslech genotzt, fir mat Iech ze kommunizéieren. Är Donneeë ginn net un Drëtt weidergeleet. Sollt Dir mat dëser Utilisatioun net averstane sinn, kennt Dir z.B. eis Newsletter ganz einfach ofbestellen, andeems Dir eng Äntwert mat dem Wuert «Ofbestellen» zréckschéckt, oder eis urufft.